

Lëtzebuerg, den 4 Februar 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspräsident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Inneministesch an den Här Sportsminister weiderzeleeden:

„De Sport huet duerch déi kierperlech Aktivitéit positiv Auswierkungen op d'Gesondheet an ass domat e wichtege Deel vun engem equilibréierten Alldag. Donieft ginn d'Perséinlechkeet, d'Responsabilitéit an och den Teamgeescht gestärkt, a besonnesch fir d'Kreativitéit, d'Selbstvertrauen an déi sozial Bindunge bei de Kanner ass de Sport vu grousser Bedeitung. Net ze vergiessen ass och, dass Integratioun an Inclusioun duerch de Sport erliichtert kënne ginn.

Fir eng erfollegräich Ausféierung vum Sport schafe funktionell an zäitgeméiss Infrastrukturen d'Basis. An deem Kontext, ass den Ausbau an Developpement vun enger Panoplie vu Sportsinfrastrukturen, déi dem Populatiounswuesstem vun deene leschte Jore Rechnung dréit, onëmgängelech.

An deem Kader wollte mir der Madamm Inneministesch an dem Här Sportsminister folgend Froe stellen:

- *Kënn Dir eis matdeele fir wéi vill Sportinfrastrukturen (Sportzenteren, Sportshalen, Multisporten, Schwämmen, Fussballterrainen, etc.) am Joer 2021 Subside vun de Gemengen ugefrot goufen?*
- *Wéi vill vun dësen Demandë gouf Rechnung gedroen ?*
- *Wat sinn déi eenzel, a wat ass den totale Montant den d'Gemengen als Subside fir d'Joer 2021 accordéiert kruten?*


9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

- *Fir wéi vill Sportinfrastrukture goufe vun 2015-2020, pro Joer opgedeelt, Subside vun de Gemengen ugefrot?*
- *Gëtt et e globaalt Dokument dat all déi méiglech finanziell Ënnerstëtze fir Sportinfrastrukture virgesäit?*
- *Wann net, sidd Dir gewëllt fir de Gemengen, e „Guide pratique Subsiden“ mat de méigleche Montanten oder de Prozentsätz, de Konditiounen an der Kontaktpersoun zur Verfügung ze stellen?*
- *Deel Dir eis Meenung, dass et opportun wier, e Portal mat enger nationaler Kartographie an d'Liewen ze ruffen op där all ëffentlech Sportinfrastrukturen uechtert d'Land, déi fir de Public zougänglech sinn, festgehale ginn? Wann net, firwat net? “*

Mat déiwem Respekt,



Claude LAMBERTY
Deputéierten



Carole HARTMANN
Deputéiert